N°12
Entrée le 12.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 12 vum 9. November 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Krut de Gesondheetsministère schonn zougedroen, dass Problemer bei der Qualitéit vum medezinesche Cannabis sinn? Wa jo, wéi huet de Ministère drop reagéiert?*

Remarquë betreffend d'Qualitéit vum medizinesche Cannabis vum neie Fournisseur (Schroll Medical) goufen dem Gesondheetsministère zougedroen. Dëse Retour vun de Patienten gouf vun der Division de la Pharmacie et des médicaments (DPM) vun der Gesondheetsdirektioun ugeholl als „Quality Defect" an un de Fournisseur weidergeleet.

*2. Wäert de Ministère Konsequenzen zéien a beim Fournisseur intervenéiere respektiv de Fournisseur wiesselen?*

Dem Fournisseur goufen dës Problemer matgedeelt. Falls dëse nët reagéiert, respektiv de Problem sollt bestoen bleiwen, muss ee kuerzfristeg weider Schrëtt envisagéieren.

Et sief erwähnt dass dëse Qualitéitsproblem keen negativen Impakt op d'Gesondheet an och net op d'Wierkung vum Produit huet.

*3. De Problem vun der Ofhängegkeet vun engem Fournisseur hunn ech schonn a fréiere Froen thematiséiert, well am Fall wou ee Problem wier, et laang dauert fir een Ersatz ze fannen. Wëll de Ministère an Zukunft op eng Villzuel u Fournisseure setzen?*

D'Gesondheetsdirektioun hält sech un d'Gesetzgebung[1] betreffend d'*Marchés publics.* Fir de Cannabis gouf deementspriechend en "*appel d'offre*" gemaach, mat engem Fournisseur pro Marché (1 Marché « Bléien », an 1 Marché « Ueleg »).

Säit August ass dat:

- Tilray Medical fir d'Cannabis Ueleg-Extrakter
- Schroll Medical fir d'Cannabis-Bléien

Dës Virgoensweis erlaabt och potentielle Fournisseuren méi attraktiv Präisser ze proposéieren, wann e Marché exklusiv fir eng Dauer vun ongeféier 2 Joer un 1 Fournisseur geet.

Lëtzebuerg, den 12. Dezember 2023

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet
(s.) Martine Deprez

[1] Loi du 08 avril 2018 sur les marchés publics